CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 MAI 2018

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 11 MAI 2018

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd. F.-D. Roosevelt

L-2450 Luxembourg

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
☎247-84837

Ntr.réf.: 2018-3750-Giberyen_RépMinTransmis_09-05-2018.doc/2018-JPM/JK

**Concerne:** **Question parlementaire n°3750 du 11 avril 2018 posée par l'Honorable Député Gast GIBERYEN concernant les statistiques d'Eurostat sur l'état des logements au Luxembourg.**

Monsieur le Ministre,

En réponse à votre courrier électronique du 12 avril 2018 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente ma réponse à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre du Logement

Marc HANSEN

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.logement.lu

**Réponse du Ministre du Logement à la question parlementaire n°3750 du 11 avril 2018, posée par l'Honorable Député Gast GIBERYEN concernant les statistiques d'Eurostat sur l'état des logements au Luxembourg.**

An dem Artikel deen vum honorabelen Deputéierte zitéiert gëtt, steet ënner anerem, datt sech den Zoustand vun de Wunnengen hei zu Lëtzebuerg tëscht 2015 an 2016 soll rapid verschlechtert hunn (vu 14,4% op 18,7%).

Op den éischte Bléck ass dës Entwécklung iwwerraschend, well den Deel vun der Populatioun mat „schlechte Wunnkonditiounen" - d.h. déi deklaréiert hunn an hirer Wunneng Problemer wéi Fuiten am Dach, Fiichtegkeet oder Schimmel bei Biedem oder Maueren ze hunn - no EUROSTAT tëschent 2012 an 2015 hei zu Lëtzebuerg konstant erof gaangen ass: vu 17,1% op 14,4%.

No Récksprooch mat den Experten vum Observatoire de l'Habitat kann ech Iech awer matdeelen, datt déi Zuele vun dëser Statistik mat grousser Virsiicht ze interpretéiere sinn, an dat aus 2 Grënn.

Éischtens, sinn Donnéeë vum betreffenden EUROSTAT-Indikator nëmmen op Basis vun Aussoe vun interviewte Leit opgestallt ginn, déi subjektiv hir eege Wunnkonditiounen interpretéiert hun. Et ass also keng vun Experten objektiv festgestallten Informatioun déi verschafft gët. Vun Joer op Joer ginn och net déi selwecht Leit fir d'Étude gefrot an den Echantillon ass relativ kleng (± 3800 Stéit am Land). Och an aneren europäesche Länner gi mat Momenter staark Fluktuatioune bei deem Indikator festgestallt. D'Zuele vum EUROSTAT-Indikator iwwert d'Wunnkonditioune ginn hei zu Lëtzebuerg vum STATEC op Basis vun der Enquête EU-SILC (*„European Union-Survey on Income and Living Conditions"*) realiséiert.

Et ass awer wuel en zweete Grond, deen déi zolidd Erhéijung vun den Zuele vum EUROSTAT-Indikator gréisstendeels erkläert: d'Froen déi benotzt goufe fir dës Statistik opzestellen, hunn tëschent 2015 an 2016 fundamental geännert.

Bis 2015 ass dësen Indikator aus enger eenzeger Fro opgestallt ginn: déi interviewte Leit hunn missten (mat engem einfache Jo oder Neen) deklaréieren, ob sinn ee vun den dräi folgend Problemer an hirer Wunneng hunn: (i) en Dach wou et era reent; oder (ii) Fiichtegkeet vu Maueren, Biedem, Fondatiounen; oder (iii) Schimmel an de Fënsteren oder dem Buedem. Mee zanter 2016 gëtt de selwechten Indikator aus dräi separate Froen ermëttelt: di interviewten Leit sollen sech neierdéngs iwwert d 'Präsenz vu jiddwereengem vun dësen dräi Problemer an hirer Wunneng getrennt prononcéieren.

Och wann d'Ännerung kleng ze sinn schéngt, kënne Differenzen an der individueller Perceptioun verschidden Leit dozou beweegt hunn, fir méi liicht mat „Jo" op eng vun den dräi proposéierte Froen ze äntweren, wou se op eng eenzeg Fro wuel net esou séier „Jo" geäntwert hätten. Déi genee Wuertwiel vun der Fro oder d'Reiefolleg vun de Froe kënnen d'Äntwerte beaflossen, an esou ass en Verglach ganz delikat, wann et en Changement an engem Questionnaire vun engem Joer op dat nächst gëtt.

Dës Verännerung am Questionnaire an d'Verännerung vum Indikator iwwer den Zoustand vu Wunnengen (speziell fir Lëtzebuerg) huet mat Secherheet en groussen Effekt op seng Entwécklungen tëscht 2015 an 2016 gehaat. Op hiirer Internetsäit huet EUROSTAT explizit dorop higwisen, datt et bei dësem Indikator tëscht 2015 an 2016 en Broch vun der Serie („*break in time series*") gouf.

Des wichteg Informatioun ass awer leider net an der Infographik vum EUROSTAT iwwerholl gin. Deemno ass et ganz schwéier d'Zuelen tëschent 2015 a 2016 ze vergläichen an erlaabt et net zu der Conclusioun vun enger plëtzlecher Verschlechterung vun de Wunnkonditiounen hei zu Lëtzebuerg ze kommen.

D'Publikatioun vun de Lëtzebuerger Zuele vun dëser Statistik fir d'Joer 2017, déi kohärent mat där fir 2016 gebrauchte Methode realiséiert wäert ginn, ass fir Enn 2018 virgesinn.

Nom Aktualiséieren vun dëser Statistik fir d'Joer 2017 wäert et méiglech sinn, sech méi genau mat der Evolutioun vun de Wunnkonditiounen - an och eng eventuell méiglech Verschlechterung vun den Zuelen - hei zu Lëtzebuerg ze befaassen.